

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2020

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministeschesch weiderzeleeden:

*„Scho virun der Pandemie war et de Wonsch vu ville Leit, fir hir zivil Hochzäit baussent de Gemengenhaiser ze feieren. Net all Gemeng huet awer déi selwecht Moyenen an änlech feierlech Lokalitéiten. Eng Zeremonie baussent dem Gemengenhais gëing et de Koppelen dofir erlaben, fir sech an engem méi perséinlechen a festleche Kader ze bestueden.*

*Den Ament sinn zivil Hochzäite baussent der „Gemeng“ net erlaabt. Duerch d'Pandemie huet d'Gesetz iwwert déi lescht Méint ëmmer erëm mussen ugepasst a verlängert ginn, fir och an deene Gemenge kënnen Hochzäiten ofzehalen, wou d'Lokalitéiten net grouss genuch sinn. D'Pandemie beweist deemno, dass et och anescht geet. D'Fréisenger Gemeng z.B. stellt sech – engem rezenten Zeitungsartikel no – beim Bau vun hirem neie Gemengenhais dorop an, Hochzäiten an Zukunft just nach am Uespelter Schlass ze feieren.*

*Am Regierungsaccord steet, dass Gemenge solle beim Ofhale vun ziville Feierlechkeeten ënnerstëtzt ginn, an dass déi relevant Gesetzestexter dofir solle moderniséiert ginn.*

*An deem Kader wëlle mir der Madamm Inneministeschesch folgend Froe stellen:*

- Ass scho mat der Reform vun den entspriechende Gesetzestexter ugefaange ginn?*
- Wa jo, kann d'Madamm Inneministeschesch eis Detailer iwwert déi geplangten Ännerunge ginn? Wéini mengt d'Madamm Inneministeschesch, dass déi Texter kënnen an der Chamber deposéiert ginn?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *D'Gesetz huet déi lescht Méint mussen dacks ugepasst ginn, fir de sanitäre Reegelingen an der Covid-Pandemie gerecht ze ginn. Wier et dofir net och am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung, fir dat Gesetz elo esou séier ewéi méiglech der Realitéit vun eiser Gesellschaft unzepassen?*
- *Wier et an dem Kontext sënnvoll de Gemengeresponsabelen, déi sech mat de Lokalitéiten an der Gemeng am beschten auskennen, d'Méiglechkeet ze ginn, gëeegent Plazen, baussen a bannen, festzeleeën?“*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten

Claude LAMBERTY  
Deputéierten